D’Bundeszentrum Wassergspreng (BZW) vun den Scouten an Guiden vun Eisterreich (PPÖ)

D’Bundeszentrum Wassergspreng as eng grouss Campplaatz, déi am südlechen „Wienerwald“ matten am Grings läit, dest awer nemmen 14km vum Bord vun der Staad Wien ewech.

Se as 17.000 m2 grouss a läit bei der Uertschaft Weissenbach, dest an der Géigend vun Hinterbrühl (ca. 3,5km weit ewech); déi nächst gréisser Uertschaft ass Mödling (9 km vum BZW ewech).

Op der Campplaatz, duerch déi och eng Baach leeft, ginn et verschidde Méiglechketen fir z’iwwernuechten:

Mühle (d’Haapthaus):

- 5 gudd equipéiert Versammlungsraim (17-25m²)
- 7 Dortoirën mat 2-6 Better fir ongeféier 36 Leit
- En Catering, bei Virbestellung, as méiglech. D’Kichen kann hei net gelount ginn.

Säge (den Neibau)

- 7 Dortoirën mat 2-6 Better fir ongeféier 38 Leit
- Groussen Openthaltsräum
- WC an Duschen (kaal a waarm)
- Eng Kichen fir selwer ze kachen

Campplaatz

- do ass Plaatz fir ongeféier 400 Leit
- 4 betonnéiert Kachplaatzen, selwer eng Kachplaatz bauen as natierlech och méiglech
- Staangenholz a Brennholz as genuch do
- Eng Camplagerfeierplaatz an eng Bäussenhaal mat betonnéiertem Kamäin
- Drénkwaasserkrinn, WC an Duschen (kaal an waarm)

Programmméiglechketen an Ausflich an déi méi noh Géigend

- D’Wisen an de Bësch bidden hei eng ganz Reih u Spill- a Sportméiglichketen.
- D’Haaptstaad Wien, d’ “Seegrotte Hinterbrühl“, den „Naturpark Sparbach“, Mödling ..... (méi doriwwer fënns De och enner www.pfadfinder.at/bzw „Programmmöglichkeiten“)

Rees heihinner: am Beschten as et en Routenplaner ze notzen (www.pfadfinder.at/bzw „Anreise“) oder mat der Eisterreichecher Bundesbahn „ÖBB“ d’Rees ze plangen. Vun de Pompjeen Weissenbach aus (do as och en Busarrêt) as et ongeféier nach 1km bis op d’Campplaatz (Nom Direktiounspfäil kucken!)

Campmaterial: kann zu interessantem Präis ausgeléint ginn (z.B. Zelter, Feldbetter, Kachgeschier, ...). Eng Lescht dovunner fënns De ënnert www.pfadfinder.at/bzw „Materialverleih“

Umeldung: via den däitschen *„Anmeldeformular“* respektiv déi englesch „*reservation form“*, déi 2 fannt der ënnert „Anmeldung“ op www.pfadfinder.at/bzw . Op Letzebuergesch hunn mer leider keen, dir gesidd datt awer des Säit schons an Ärer Sprooch präsentéiert as !

Kontakt: Fir weider Froën stinn mir gären ennert der Mail-Adress bzw@ppoe.at zou Ärer Verfügung !

Ärt BZW-Team